fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

31.08.2021

World Scout Jamboree 2023 KOREA - Luxembourg Contingent Newsletter 4

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,
Léif Participanten, Chef an IST,

Eis Rees a Korea kënnt ëmmer mei no, an dofir kritt dir an dëser Newsletter nach weider Informatiounen.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

2ten Acompte

Den 2ten Acompte fir den Jamboree muss elo bezuelt ginn. Esou wéi an der 2ter Newsletter ugekënnegt ass den Montant vum 2ten Acompte **1000 Euro.** Dësen soll bis spéitstens den **15ten September** bezuelt ginn.

Bezuelen leeft genee selwecht of wéi och beim 1ten Acompte. Dir kritt vun eis eng Rechnung geschéckt mam Montant den ze bezuelen ass, an wou dir musst iwwerweisen. Wann sech 3 oder méi Leit aus dem nämmlechten Grupp ugemellt hunn, kritt de Grupp d'Rechnung an soll den gesamten Montant un eis iwwerweisen.

Waart weg. of bis dir déi detailléiert Rechnung hutt, iert dir bezuelt! Et ass fir eis een extremen Chaos wann Léit eenzel bezuelen, wou sollen zesummen bezuelen.

Prepa Weekend

Leider mussen mir den Datum vum Prepa Weekend änneren, well eis HOC um alen Datum a Korea op engem Preparatiounsmeeting fir Head of Contingents sinn, wou déi läscht Detailer gekläert ginn. Den neien Datum vum Weekend ass vum **15. bis 16. Abrëll** zu Mondorf am FNEL Chalet 'Badboeschelchen'. Detailer kommen no.

Pass

Denkt drun dat dir fir a Korea ee gültegen Pass braucht. Dësen Pass soll nom 19ten August nach fir mindestens 6 Méint gutt sinn. Wann dëst net den Fall ass, gitt dir net a Korea eragelooss, duerfir kontrolléiert ären Pass am beschten elo schonn.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Impfungen

Mir hunn eis beim CHL informéiert op een Impfungen fir a Korea brauch. Dokteren vum CHL empfeelen bei der Rees a Korea d'Hepatite A Impfung. Et gëtt awer weder vun der koreanescher Regierung, nach vum CMT eng Obligatioun heifir. Impfungen géint aner regional Krankheeten sinn net néideg! Falls sech op dësem Punkt eppes ännert wäerten mir iech natierlech um lafenden halen, mir sinn a Kontakt mam CHL. Falls dir gären méi Informatiounen heizou hätt kënnt dir iech ëmmer am CHL mellen.

IST

Am Dezember kënnt endlech den Katalog mat den Jobs fir IST eraus an dann kënnt dir och ären Choix maachen. Dir kritt de Moment weider Informatiounen vun eis, an wéi dir iech dofir umellen kënnt. Korea hätt gären ee beschtméiglechst internationaalt 1. Hëllef-Team, dofir ginn all Dokteren, Ambulancier, Infirmieren automatesch an dësem Job ugeholl, wann se sech dofir mellen.

Transport

Mir wëllen op dëser Platz nach eng Kéier drun erënneren dass alleguer IST den 28.7.2023 fortfueren an all déi aner den 31.7.2023. Fir IST besteet keng Méiglechkeet méi spéit unzereesen well si kréien fir alleguer hier Jobs eng speziell Formatioun.

De Retour ass den 12.8.2023 fir déi wou net mat op d'Norees ginn an d'Leit wou mat op d'Norees ginn kommen den 19.8.2023 zeréck.

Bei weideren Froen, zéckt net an eisen FAQ ranzeluussen (https://wsj2023.sil.lu/faq/) oder eis ze kontaktéieren ënnert: cmt@wsj2023.sil.lu

Followed eis och op Facebook an Instagram fir ëmmer um neisten Stand ze bleiwen.

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,

Pit & Tahr